# Gëff mer d'Wuert

Claudine Muno

Ech wëll mech bestueden, mee ech wëll mech net bestueden, loosst mech just soen: „Ech si bestuet. Hien ass mäin an ech sinn säi fir ëmmer."

Ech wëll Kanner, mee ech wëll keng Kanner, ech wëll soen: „All meng Kanner" an haut erfannen ech hinnen Nimm a mar erfannen ech hinnen anerer.

Ech wëll en Haus, mee ech wëll keen Haus, loosst mech soen: „Dëst ass mäin Haus" an awer iwwerall doheem sinn an néirens.

Ech wëll mech kämmen, mee ech wëll mech net kämmen, kéint ech nëmme soen: „Ech si gekämmt" an alles wier fir ëmmer op senger richteger Plaz.

Ech wëll wëll sinn, mee ech wëll net wëll sinn, ech wëll kënne soen: „Ech si wëll, just wëll genuch, net een Dag vu mengem Liewen hunn ech mech gelangweilt!"

Ech wëll normal sinn, mee ech wëll net normal sinn, loosst mech just soen: „Ech sinn normal, sou normal wéi all déi aner."

Ech wëll glécklech sinn, mee ech wëll net glécklech sinn, loosst mech just soen: „Ech si glécklech, sou glécklech wéi all déi aner."

Gidd mer just d'Wieder, net dat wat se heeschen, loosst mech just soen:
ech si
bestuet,
bekannert,
behaust,
gekämmt,
verwëldert,
normal a glécklech
an da loosst mech bleiwe wéi ech sinn:
onbemannt,
onbekannert,
onbehaust,
ongekämmt,
onbewëldert,
anormal an ongléckl ech
a mir ginn eis eenz, dass alles esou ass wéi et soll sinn.

an ech loossen iech d'Biller an d'Wieder
an dir loosst mir d'onvirstellbar Freed
an d'onbeschreiflecht Liewen ◆

D'Claudine Muno ass Musikerin a Schrëftstellerin. Hatt publizéiert zënter 1996 haaptsächlech Romaner beim Verlag Op der Lay. Mat senge Bands Crinan Wood a Monophona spillt hatt zu Lëtzebuerg an och heiansdo am Ausland. Haaptberuflech schafft hatt als Chargée d'éducation am Lycée Ermesinde.